N° 103
Entrée le 02.07.2024
Chambre des Députés

adr

**Groupe parlementaire**

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2024

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, eng mëndlech Fro (Art. 83 vum Chamberreglement) un den Här Kulturminister stellen ze däerfen.

D'„Union des Mouvements de Résistance Luxembourgeoise asbl" hat, sou liest een an hirer Pressematdeelung vum 29. Juni, eng finanziell Ënnerstëtzung vun 22.500 € fir hire Film „Operatioun Pauly" beim Lëtzebuerger Filmfong ugefrot. An engem laange bürokratesche Prozedere hat d'Organisatioun en ausféierlechen Dossier missen zesummestellen. Trotz der domat verbonnener zäitintensiver Aarbecht huet si uschléissend missen zur Kenntnis huelen, datt de Filmfong a senger Entscheedung vum 5. Juni 2024 sech géint eng Subventionéierung vum Film ausgeschwat huet.

Zu dëser Entscheedung hunn ech eng mëndlech Fro un den Här Kulturminister.

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéiert